- Der Gemeinderat beschließt einstimmig, die notarielle Urkunde über die kostenlose Abtretung in Gilsdorf, Ortsteil „am Aal“, Straßenplatz, 46 Centiares, zu genehmigen.
5. Der Gemeinderat beschließt einstimmig, die ordentlichen Subventionen, die für das Haushaltsjahr 2022 an lokale Vereine und verschiedene nationale Organisationen zu gewähren sind festzulegen (*cf. franz. Text*)
  6. Der Gemeinderat genehmigt Einnahmetitel in Höhe von 10.352,10 Euro.
  7. Nordstad: verschiedenes
  8. Verschiedenes
  9. In geheimer Sitzung beschließt der Gemeinderat, Herrn Paul Putz mit Wirkung vom 01.06.2022 von seinen Funktionen als leitender Handwerker im Status eines Gemeindebeamten bei der Gemeinde Bettendorf zurücktreten zu lassen und ihm für seine guten und treuen Dienste zu danken.

# CONSEIL COMMUNAL

15.12.2021

**Présents / Anwesend:** Pascale Hansen, José Vaz Do Rio, Patrick Mergen, Albert Back, Suzette Serres, Romain Heirens, Lucien Kurtisi

**Absent excusé / Entschuldigt abwesend:** Jean-Marie Sauber

1. Le conseil communal décide unanimement d'approuver le devis au montant de 136.000,00€ pour les travaux ordinaires sur la voirie rurale de la commune de Bettendorf, exercice 2022 comme suit: Chemin à deux bandes de roulement sur deux chemins ruraux:
  - chemin « Nidderbiert » à Bettendorf (80 m) 27.863,74€
  - chemin « Freswénkel » à Moestroff (340 m) 108.136,26€

Le conseil communal décide unanimement d'approuver le devis au montant de 125.000,00€ pour les travaux extraordinaires sur la voirie rurale de la commune de Bettendorf, exercice 2022, comme suit: Enrobés bitumineux sur 3 chemins ruraux:

- chemin « Léierbiert » à Bettendorf (380 m) 37.952,06€
- chemin « Wangert » à Bettendorf (350 m) 33.116,06€
- chemin « Reest » à Broderbour (540 m) 53.931,88€

# GEMEINDERAT

15.12.2021

2. Le conseil communal approuve unanimement l'organisation scolaire rectifiée et l'avenant à la convention fixant à 177.966,76 € le coût total des frais des cours de musique pour l'année scolaire 2021/2022, ce qui signifie une diminution de 8.764,31 € par rapport à la convention initiale.
3. Le conseil communal marque unanimement son accord à une demande de morcellement dans la route de Diekirch à Bettendorf.
4. Le conseil communal décide unanimement de ne pas désigner un délégué aux transports publics pour la commune de Bettendorf au motif qu'il n'incombe pas à un conseiller communal de veiller à l'affichage des horaires d'autobus RGTR aux arrêts de bus ou d'organiser les transports publics en cas de chantiers ou routes barrées nécessitant la modification, déviation ou suppression temporaires de lignes d'autobus.
5. Le conseil communal décide unanimement d'accorder à l'association reconnue d'utilité publique «SOS Détresse» une aide financière au montant de 500 euros.
6. Le conseil communal arrête avec sept voix et une abstention (Heirens) le budget rectifié de l'exercice 2021 et le budget de l'exercice 2022. (cf Editorial).
7. Le conseil communal approuve les titres de recettes au montant de 139.114,26 euros.
8. En ce qui concerne l'avancement des discussions de la «Nordstad», le conseil communal fixe une séance de travail à ce sujet pour le 5 janvier 2022.

1. Der Gemeinderat beschließt einstimmig, den Kostenvoranschlag in Höhe von 136.000,00€ für die ordentlichen Arbeiten an den ländlichen Straßen der Gemeinde Bettendorf, Haushaltsjahr 2022, wie folgt zu genehmigen: Weg mit Spurbahnplatten auf zwei Feldwegen:
  - Weg "Nidderbiereg" in Bettendorf 80 m 27.863,74€.
  - Weg "Freswénkel" in Moestroff 340 m 108.136,26€.

Der Gemeinderat beschließt einstimmig, den Kostenvoranschlag in Höhe von 125.000,00€ für außerordentliche Arbeiten an den ländlichen Straßen der Gemeinde Bettendorf im Haushaltsjahr 2022 wie folgt zu genehmigen: Bituminöser Asphalt auf 3 Feldwegen:

- Weg "Léierbiereg" in Bettendorf 380 m 37.952,06€.
  - Weg "Wangert" in Bettendorf 350 m 33.116,06€.
  - Weg "Reest" in Broderbour 540 m 53.931,88€.
2. Der Gemeinderat genehmigt einstimmig die berichtigte Schulorganisation und den Zusatz zur Vereinbarung, der die Gesamtkosten für die Kosten des Musikunterrichts für das Schuljahr 2021/2022 auf 177.966,76€ festlegt, was eine Verringerung um 8.764,31€ im Vergleich zur ursprünglichen Vereinbarung bedeutet.
  3. Der Gemeinderat stimmt einstimmig einem Antrag auf Parzellierung in der Straße von Diekirch nach Bettendorf zu.
  4. Der Gemeinderat beschließt einstimmig, keinen Beauftragten für den öffentlichen Verkehr für die Gemeinde Bettendorf zu ernennen, mit der Begründung, dass es nicht Aufgabe eines Gemeinderatsmitglieds ist, für den Aushang der RGTR-Busfahrpläne an den Bushaltestellen zu sorgen oder den öffentlichen Verkehr im Falle von Baustellen oder gesperrten Straßen, die eine vorübergehende Änderung, Umleitung oder Einstellung von Buslinien erfordern, zu organisieren.

5. Der Gemeinderat beschließt einstimmig, der als gemeinnützig anerkannten Vereinigung "SOS Détresse" eine finanzielle Unterstützung in Höhe von 500 Euro zu gewähren.
6. Der Gemeinderat beschließt mit sieben Stimmen und einer Enthaltung (Heirens) den berichtigten Haushaltsplan für das Haushaltsjahr 2021 und den Haushaltsplan für das Haushaltsjahr 2022. (cf Editorial)
7. Der Gemeinderat genehmigt Einnahmen in Höhe von 139.114,26 Euro.
8. Bezüglich des Fortschritts der „Nordstad“-Diskussionen setzt der Gemeinderat eine Arbeitssitzung zu diesem Thema für den 5. Januar 2022 an.

## AVIS

### AVIS AU PUBLIC COVID 19

Afin de minimiser tout risque d'infection, notamment avec le variant Omicron, nous tenons à vous informer que les bureaux de l'Administration communale ne seront plus accessibles au public, **sauf sur rendez-vous et ceci à partir du 10 janvier 2022.**

**Vous pouvez fixer un rendez-vous,** soit par téléphone au numéro suivante: 281 254 200, soit par courriel à [info@bettendorf.lu](mailto:info@bettendorf.lu).

## AVIS D'URBANISME

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public qu'en séance du 9 décembre 2021, le conseil communal a approuvé le morcellement suivant, conformément à la demande et au plan soumis :

- Morcellement d'un terrain sis à Bettendorf, inscrit au cadastre de la commune de Bettendorf, route de Diekirch, sous le numéro 235/5462, tel que présenté par Monsieur Nicolas BREBSOM.

Les textes des décisions, avec les pièces à l'appui, sont à la disposition du public à la maison communale à Bettendorf, où le public peut en prendre connaissance et publiés sur le site internet de la commune [www.bettendorf.lu](http://www.bettendorf.lu).

En exécution de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les

juridictions administratives, un recours en annulation devant le Tribunal Administratif est ouvert contre cette décision endéans un délai de 3 mois à partir de la publication de l'acte attaqué ou, à défaut de publication, de la notification ou du jour où le requérant en a eu connaissance.

Le présent avis est publié et affiché en date du 18 janvier 2022 aux tableaux d'affichage de la commune de Bettendorf. La décision devient obligatoire trois jours après la publication par voie d'affiche dans la commune.

Bettendorf, le 17 janvier 2022

*Pour le collège des bourgmestre et échevins,*

*Le Bourgmestre, Pascale Hansen*

*le Secrétaire communal, Mireille Schlechter*





# CRÈCHE DAPPESHAUS

D'Ekipp aus der Crèche Dappeshaus



Crèche Dappeshaus huet am November 2020 hir Dieren op gemaach. Virun engem Joer hu mir mat 3 kleng Gruppen an der Crèche ugefaangen, mir huelen eis vill Zäit fir all eenzel Agewinnung vum Kand a lues a lues hunn sech eis Gruppe gefällt. Eis Gruppenraim hunn sech och verännert, unhand vun eise Beobachtunge kucke mir woumat Kanner gäre Spillen an wat hinne Freed mëscht a passen esou eist Material un hir Interessen un. Eis 3 Gruppe kruten ee Numm. De Puppelchersgrupp heescht Fräschen, dee mëttelste Grupp heescht elo Fliedermais an eise Grupp wou Kanner am Alter vun 2 bis 4 Joer betreit ginn, heescht Kueben.

Verschiede Kanner déi an engem Grupp ugefaangen hunn, si scho weider an den nächste Grupp gewiesselt deemno hu mir eis an der Crèche och schonn mat eenzelnen Transitiounen auserneegesat an déi zesumme mat den Eltere geplangt an ëmgesat. Eis Ekipp huet sech och verännert, mat der Zäit goufen nei Educateuren agestallt a mir hunn eis verschidde Schwierepunkter an eiser pädagogescher Aarbecht gesat. Esou hunn mir eng Educatrice an der Crèche wou sech besonnescht fir Thema vun der Inklusioun asetz an eng aner Educatrice schafft un verschidden Aktivitéiten an därer Ëmsetzung zum Thema Méisproochegkeet.



Mir hunn scho vill flott Momenter zesumme mat de Kanner an hiren Elteren erlieft. Desweidere gouf vill verschidden Aktivitéiten zu verschiddenen Themen ugebueden. Bei eisen Aktivitéiten orientéiere mir eis och un de Joreszäiten. Dat éischt Joer wat mir elo zesummen als Ekipp mat de Kanner an hiren Elteren erlieft hunn, wäert eis nach laang an Erënnerung bleiwen, och wann Konditiounen opgrond vun der aktueller Situatioun net ëmmer esou evident waren hate mir ee schéint éischt Joer hei an der Crèche mat ville flotte Projete wéi zum Beispill de Projet vun der Steekaul oder eis reegelméisseg Ausfluch op de Schleefhääfche respektiv hei an der Gemeng.



# SOMMERFERIEN IN DER „STEEKAUL“ UNSER „INDIANERPROJEKT“

D'Ekipp aus der Maison Relais



Dieses Jahr hatten wir, von der Maison Relais Dappeshaus, uns etwas ganz Besonderes einfallen lassen für die Sommerferien.

Mit den Kindern vom Cycle 1–4 haben wir zusammen als Indianer drei Wochen in der „Steekaul“ im „Schoofsbesch“ verbracht.

Mit der tatkräftigen Unterstützung der Forstverwaltung, unseren Köchen und unseren diesjährigen Sommerstudentinnen entstand im Wald ein richtiges Indianerdorf, mit allem was dazu gehört und einem abwechslungsreichen Rahmenprogramm. Natürlich waren die Hauptpersonen die Kinder, welche mit großem Eifer und viel Fantasie bei der Entstehung mitwirkten.

Täglich fuhren wir in diesen Wochen mit dem „Steekaul-Express“ hoch zum alten Steinbruch mit seinen Gebäuden. In diese konnten wir uns auch glücklicherweise zurückziehen, wenn es der Wettergott einmal nicht gut mit uns meinte. Manche Kinder wollten lieber zu Fuß hin und/oder





zurückgehen – auch das war kein Problem und wurde umgesetzt.

Im Naturreiservat „Steekaul“ entstanden an einer Stelle 2 große Tipis, welche einzeln bis zu 6 Kinder beherbergen konnten. Daneben wurde ein hohes Totem errichtet. Diesen hatten die Kinder vorher schön bunt anmalen dürfen.

Natürlich durfte in einem Indianerdorf auch nicht die Feuerstelle fehlen. Auf dieser wurde selbstverständlich gekocht – auch dabei haben die Kinder tatkräftig geholfen. Der deftige Eintopf schmeckte allen in der Natur und direkt am Feuer nochmal so gut.

Es wurde in dieser spannenden Zeit auch viel gewerkelt und gebastelt rund um das Thema: Indianer; auf Welches wir übrigens schon im Vorfeld mit den Kindern in der Maison Relais hinarbeiteten (Bücher, Plakate, Lieder,...)

So durften sich „die Rothäute“ z.B. Pfeil und Bogen selber

basteln. Haarschmuck, Töpfen, Holzamulette und selbstgefärbte Indianerkleidung standen ebenfalls auf dem Programm. Wir haben uns zudem tüchtig im Fährtenlesen und Anschleichen geübt. Auch bei den Teamspielen und musikalischen Aktivitäten wurde das Ferienthema natürlich miteinbezogen.

Die Kinder, die aus verschiedenen Gründen nicht mit in den Wald konnten, haben in der Maison Relais das Thema Indianer mit verschiedenen Aktivitäten bearbeitet. Dabei kreierten sie ein Mini-Indianerdorf, gestalteten Bilder und Plakate, bastelten,... und nahmen somit auch an diesem spannenden Projekt teil.

Alles in allem war es ein voller Erfolg. Die schöne Zeit als Indianer in der Steekaul wurde in zahlreichen Bildern, Fotos, Plakaten im Anschluss anschaulich festgehalten. Es gab auch ein kleines Abschlussfest mit den Eltern, die sich anschauen konnten was die Kinder in den 3 Wochen als Indianer geleistet hatten.



© Pierre Haas



## **IM JAHR 2021, HAT DIE GEMEINDE BETTENDORF IHRE 1. KLIMAPAKT-ZERTIFIKATION (1. KATEGORIE) ERHALTEN.**

Der Klimapakt ist ein Abkommen zwischen dem Staat und den Gemeinden. Ziel dieses Pakts, welcher von der Gemeinde Bettendorf im Jahr 2014 unterschrieben wurde, ist es, die Gemeinden technisch und finanziell zu unterstützen damit sie ihren Energieverbrauch und ihre Treibhausgasemissionen verringern.

Der Klimapakt baut auf dem Programm „European Energy Award (eea) (www.european-energy-award.org)“ auf, welches seit vielen Jahren von etlichen Gemeinden in der Schweiz, Deutschland, Österreich, Frankreich und Italien benutzt wird. In Luxemburg nehmen die meisten Gemeinden an diesem Pakt teil.

Ziel des Klimapaktes ist es die aktuelle Situation der Gemeinde in punkto Energie und Klima zu erfassen und auf ihre Stärken und Schwächen zu untersuchen. Ein Aktionsplan mit Verbesserungsmöglichkeiten wird ausgearbeitet, welcher die Gemeinden zu einer nachhaltigen Energie-, Verkehr-, Klima- und Umweltpolitik führen soll. Das Hauptinstrument dieses Programms ist der Maßnahmen-Katalog, welcher 79 Maßnahmen in 6 Kategorien umfasst (Entwicklungsplanung und Raumordnung, kommunale Gebäude und Anlagen, Versorgung und Entsorgung, Mobilität, interne Organisation, Kommunikation und Kooperation).

Konkret wurden ebenfalls in den Jahren 2020 und 2021 seitens des Schöffenkollegiums ein Energieleitbild sowie verschiedene Beschlüsse unterschrieben.

Es handelt sich um folgende Beschlüsse:

- Beschluss für die Erstellung eines Klimaschutz- und Energiekonzeptes
- Beschluss für die Reduktion und Nutzung von Abfall
- Beschluss für eine Energieeffiziente Entwicklungsplanung
- Beschluss für gemeindeeigene Baustandards
- Beschluss für allgemeine Baustandards

- Beschluss eine jährliche Energie- und Klimasituationsanalyse durchzuführen
- Beschluss ein Sanierungskonzept zu erstellen
- Beschluss betreffend die Mobilität in der Verwaltung
- Beschluss für Fortbildungskurse in Punkto Fahrsicherheit und Eco Drive Training
- Beschluss für die Ermittlung von Mobilitätsindikatoren
- Beschluss für die Gründung eines Klimateams
- Beschluss für das Beschaffungswesen

Sämtliche Beschlüsse können auf folgender Adresse abgerufen werden:

<https://bettendorf.lu/environnement/klimapakt/deliberations-et-engagements/>

Ziel des Schöffenkollegiums ist es mit Hilfe eines Klimateams sowie sämtlichen Mitarbeitern der Gemeindeverwaltung diese Beschlüsse in den nächsten Jahren bestmöglich umzusetzen. Der Gemeinderat wird ebenfalls jährlich über die Fortschritte informiert.

Eine Informationsversammlung, um sämtlichen Mitarbeitern der Gemeindeverwaltung das Konzept und die Ziele des Klimapaktes im Berufsalltag noch näher zu bringen, ist für Ende Januar 2022 angestrebt.

Ebenfalls haben 21 Vereine aus der Gemeinde Bettendorf die Umweltcharta mit der Gemeinde Bettendorf im Jahr 2020 unterschrieben. Die Liste der Vereine ist ebenfalls auf der Homepage der Gemeinde Bettendorf zu finden. In dieser Charta haben sich die lokalen Vereine dazu verpflichtet:

- bewusst mit dem Heizen, dem Lüften sowie der Beleuchtung der Räume, welche ihnen von der Gemeinde zur Verfügung gestellt werden, umzugehen
- zum sparsamen Umgang mit Trinkwasser sowie zur Förderung von Leitungswasser als Getränk
- auf kurzen Distanzen den Einsatz des Fahrrades und das Zufußgehen zu fördern
- Gemeinschaftsfahrten zu unseren Auswärtsspielen/Veranstaltungen / Konzerten zu fördern
- Einkäufe im Sinne der kurzen Wege d.h. vorwiegend regionale Produkte zu kaufen oder bei Produkten aus fernen Ländern zu achten, dass diese aus fairem Handel stammen (Kaffee, O-Saft, Zucker, ...)
- soweit wie möglich Verpackungsmüll zu vermeiden
- wiederverwendbares Geschirr, Gläser und Bestecke zu

- nutzen, wenn Abwaschmöglichkeiten bestehen
- Getränke in Pfandflaschen zu bevorzugen
- den Abfall gemäß den Vorgaben der Gemeinde zu trennen

In den kommenden Ausgaben der Gemeindezeitung werden Sie weiter regelmäßig über die Umsetzung des Klimapaktes informiert.

## **PACTE CLIMAT : 1<sup>ÈRE</sup> CERTIFICATION POUR LA COMMUNE DE BETTENDORF :**

En adhérant à l'Alliance pour le climat, la Commune de BETTENDORF s'est engagée à réduire ses émissions de gaz à effet de serre. A cet engagement, s'est ajoutée la signature du pacte climat avec l'Etat luxembourgeois en 2014

La commune a déjà pris un certain nombre de mesures pour économiser de l'énergie et pour utiliser les sources d'énergies renouvelables, afin de rendre les entreprises communales et les bâtiments municipaux plus écologiques.

Au courant de l'année 2021, la Commune de Bettendorf a finalement obtenu sa première certification.

En parallèle, elle a élaboré un plan d'action et s'est engagée moyennant des délibérations au sein du Collège Echevinal. Lesdites délibérations peuvent être consultées à l'adresse suivante :

<https://bettendorf.lu/environnement/klimapakt/deliberations-et-engagements/>

Le but du Collège Echevinal est de mettre en œuvre lesdites délibérations avec l'aide du personnel communal et du „Klima Team“. Le conseil communal sera également informé annuellement des progrès.

Une séance d'information pour impliquer davantage le personnel au concept et aux objectifs du pacte climat aura lieu fin janvier 2022.

Il est également important de souligner que 21 associations locales ont également signé une charte avec la commune de Bettendorf au courant de l'année 2021. Une liste desdites associations se trouve également publié sur le site internet de la commune de Bettendorf.

Dans cette charte, les associations se sont engagées notamment à :

- chauffer, aérer et illuminer les salles leur étant mises à disposition de façon responsable et durable;
- d'économiser l'eau potable et de promouvoir l'eau potable en tant que boisson ;
- promouvoir l'utilisation du vélo et la marche à pied pour les courtes distances ;
- promouvoir l'usage d'un transport en commun lors de matchs / manifestations / concerts

- faire des achats en donnant préférence à des produits régionaux, en raison des courtes distances, respectivement en veillant à ce que les produits de provenance lointaine proviennent du commerce équitable (café, jus d'orange, sucre, ...)
- éviter des emballages et sachets non-nécessaires
- utiliser des gobelets, des assiettes et des couverts réutilisables, s'il y a moyen de faire la vaisselle
- éviter au maximum les déchets
- acheter les boissons en bouteilles consignées plutôt qu'en bouteilles non-consignées
- trier les déchets selon les recommandations de la commune

# AARBECHTEN AN DER GEMENG



Ausbaggerarbeiten an der Tirelbaach zu Gilsdref.

Zwee Petanque-Felder si beim Futtballterrain zu Gilsdref ugeluecht ginn.



# PORTUGISESCH SPROOCHECOURS'EN AN DER GEMENG




## **19 Erwuessener huelen un portugisesch Cours'en deel.**

D'Coursen déi vum Professor Renato Magalhães gehale ginn, dauere vum 10. November 2021 bis de 27. Abrëll 2022.

Et ass schéin ze gesinn datt de Cours esou ee gudden Uklang fonnt huet, well mir eng grouss portugisesch Communautéit an der Gemeng Bettenduerf hunn.

# ADVENTSFÄNSTEREN

Fotoen: Pierre Haas  
Text: Andy Demedden



**DEN DEZEMBER ASS DE  
MOUNT VUN DER CHRÛSCHTZÄIT:  
MUSEK, LICHTERKETTEN,  
CHRÛSCHTBEEMCHEN  
AN DE KLEESCHEN.**



Trotz der sanitärer Kris huet d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Syndicat an all de Kommissiounen an am Respekt vun den aktuellen Mesuren et fäerdeg bruecht, dës Elementer perfekt ze kombinéieren an huet d'Awunner vun der Gemeng op eng Serie vun Adventsfenstere agelueden.

Optakt vun dëser Serie war Sonndes, de 05. Dezember zu Bettenduerf bei der Gemeng. Mat musikalescher Begleedung vun der Pompjees Musek vu Bettenduerf, konnten d'Awunner déi éischt Adventsfenster bewonneren: e natierlech Bild mat engem Hirsch als Haaptmotiv an enger gemittlecher Bëschatmosphär. Ënnerstrach gouf déi chrëschtlech Stëmmung vun zwee Chrëschtbeemercher, déi d'Kanner aus dem Cycle 1 an 2 dekoréiert hunn. Iwwert de Besuch vum Kleeschen hunn vill Kanner sech gefreet, déi Iwwerraschung war gegléckt an den éischten Owend konnt gemittlech bei engem Appeljäck oder engem waarme Viz ausklénge gelooss ginn.

Eng Woch drop gouf déi zweet Adventsfenster zu Gilsdref beim Centre polyvalent presentéiert, schéin entouréiert vun de Chrëschtbeemercher, déi vum Cycle 4 gerëscht goufen. D'Gilsdref Musek zesummen mat der Chorale hunn d'Awunner op Chrëschtzäit agestëmmt wärenddeems e leckeren Chili de Bauch gewiermt huet.



Fir d'Serie ofzeschléissen, gouf déi läscht an drëtt Adventsfenster den 19. Dezember zu Méischtréif bei der aler Schoul an d'Szene gesat: e klénge verschneite Alpendierfchen gouf duergestallt. D'Chrëschtbeemercher goufen hei vum Cycle 3 dekoréiert. D'Chorale vu Reisduerf huet verschidde Chrëschtlieder zum beschte ginn an d'Awunner hu sech schéi Feierdeeg a virun allem eng gutt Gesondheet gewënscht.






E grouse Merci un d'Gemeng, dem Syndicat an all de Kommissiounen fir d'Ëmsetzung vun dëser Aktivitéit an dëser dach schwéierer Zäit an e ganz grouse Merci un all d'Acteuren, déi eis Gemeng an eng flott Chrëschtstëmmung versat hunn: eis zwou Museken, d'Chorale vu Gilsdref a Reisduerf, d'Léierpersonal an d'Kanner aus der Schoul an besonnesch eis Gäertnerekip vum Service technique fir déi wonnerschëin Adventsfensteren.

Mir hoffen iech all erëm 2022 op eiser Adventsfenster kënnen ze begrëssen, egal a wéi enger Form dëst wäert stattfannen.







# CDJ BETTENDUERF

De Comité vum Club des Jeunes Bettenduerf

Mäerz 2020, d'Summer-Semester steet an de Startlächer an zu Bettenduerf fënnt sech eng Kolonne vu Studente mat décke Valisen an. Et géif een unhuele, dat si no engem laange Fuesweekend elo um Sprong fir fort sinn, dem Eescht vum Liewe rëm an d'Akucken an ënnerwee sinn fir op Bréissel, Stroossbuerg, Wien oder Berlin, fir elo endlech nees hirem Studium nozegen. Mee au contraire, den Covid-19-Virus ass zu Lëtzebuerg an a senge Nopeschlänner ukomm, Bettenduerf geet an d'Quarantän an domat och de Club des Jeunes Bettenduerf.

Jidderee ka sech sécher nach un déi Zäit erënneren an der de Cactus eng Sens-Unique agefouert hat, d'Leit ugefaangen haten ze baken oder ze heekelen an an der d'Leit sechs mol den Dag mam Hond gaangen sinn, Haaptsaach raus aus de véier Wänn. Och mir als Club wollten net doheem mat den Zéiwe spillen an haten eis gemellt, fir déi méi al oder vulnerabel Leit akafen ze goen. Sou krute mir d'Zäit bis de Summer

gutt em a konnten eis dunn endlech nees a kleng Gruppe gesinn. Souguer eis traditionell Bootstour, d'Grillen am Gaart an een Ausflug op de Buerschter Camping konnten dunn stattfanne. Am Wanter huet den Virus dunn awer nees d'Brems gezunn an huet eis gezwonge fir d'éischte Kéier am Verlaf vun der Clubgeschichte souwuel d'Kiermes, de Besuch vum Kleeschen, wéi och den Fräschbeal ofzesoen. Mat engem gebrachten Häerz si mir Fräschen an d'Joer 2021 gestart, sollten awer schnell mierken, dass dat Joer awer och vill schéin Momenter fir eis iwwreg sollt hunn. Dorënner eng 1.Mee-Wanderung, eng Visite an der Brauerei Simon an een absolutten Highlight: de Kiermesweekend.

Mir si Freides mam Kiermesbal ënnert dem Covid-Check-Gesetz an de Weekend gestart a konnten zesumme mat 300 Leit eise Comeback feiere. Fir eis war et schéin ze gesinn, dass ënnert de Gäscht vill Duerfleit waren, déi mat Freed dobäi waren an zum Schluss och guer net méi wollten heem goen.



Den Dag drop hu mir pünktlech um 16h fir den Kiermesoptakt mam Eierewäin vun der Gemeng ugestouss an stounge Sonndes Moies scho rëm prett um Site an hunn Ham, Fritten an Zalot preparéiert. Mëttes op der Promiolympiade konnt sech de Bocke Ben géint seng Géigner duerchsetzen an konnt sech vun den Duerfleit an de Moderatoren bejubele loosse. Méindes Owes huet den Indica Bettenduerf de Kiermesweekend mat engem Kontramatts-Tournoi ofgeschloss. Vun den Clubmemberen konnt do awer keen méi brilléieren, d'Kiermes souz dann awer ze déif an de Schanken.

Trotzdem hu mir Fräschen deen Weekend Blut gelect an hunn virfreedeg ugefaangen, eis op den hoffentlech kommende Fräschabal virzebereeden. Ausser dem Comeback vun eisem Fuesbal, ass 2022 och sou schonn e ganz besonnescht Joer fir d'Fräschen. Mir dierfen den 21. März endlech 50 Käerzen op der Gebuertsdayskuch ausblösen an kënne freedeg op en halleft Joerhonnert Clubgeschichte zeréckblécken. Dat ganz feiere mir mat engem grouse Konveniat am kommende Juli, natierlech ënnert dem 3G-Konzept: Gröhlen-Gurgeln-Glänzen. Mir freeën eis op all Clubmember deen kënnt, egal op fräsch oder al an kucke virwëtzig op déi nächst 50 Joer Club des Jeunes Bettenduerf.



# OPEN AIR GILSDREF

De Comité vum Club des Jeunes Gilsdref



Den 22. Juni 2021, um Virowend vu Nationalfeierdag hunn mir als Club des Jeunes Gilsdref ënnert dem CovidCheck Regime een neit Konzept verwickelt, an op der Wiss virum Centre Polyvalent déi éischten Editioun vum Open Air Gilsdref organiséiert. Zu där Zäit hunn d'Mesurë vun der Regierung ons op ee Maximum vun 300 Participante limitéiert, dës Platze waren innerhalb vu wéinege Stonnen ausverkaaft.

Dank der administrativer Mathëllef vum Bettenduerfer Schäfferot, konnte mir eisen Open Air als éischt Event zu Lëtzebuerg am Secteur vum Nuetsliewe säit dem Ufank vun der Covid Pandemie stattfanne loossen.

Mat dem musikaleschen Encadrement vum DJ VDG konnte mir, op engem méi klengem Site wei soss, fir exzellent Stëmmung suergen.

# CLUB SENIOR NORDSTAD

Barbara Wiesen / Tanzleiterin Club Senior Nordstad



Seit gut 7 Jahren ist der Dienstagnachmittag im Gilsdorfer Centre Polyvalent für die Seniorentanzgruppe „Danz dech fit“ vom Club Senior Nordstad reserviert.

Von 14-16 Uhr wird hier getanzt. Seniorentanz ist eine Tanzform, die sich speziell an Einzelpersonen adressiert und eine unglaubliche Bandbreite an unterschiedlichen Tänzen, Musiken, Choreographien, etc. anbietet.

Von ganz einfach bis hochanspruchsvoll und komplex ist alles dabei und fordert nicht nur den Körper, sondern auch den Geist. Tanzen ist der gesündeste Sport und aktiviert die Menschen ganzheitlich auf allen Ebenen.

Die Corona-Pandemie hat uns vor neue Herausforderungen gestellt. Die Gruppe wurde für lange Zeit halbiert und die Tänze werden auch jetzt noch, trotz CovidCheck ohne Berührung getanzt. Was bleibt ist aber der Spaß und das Gemeinschaftsgefühl in der Gruppe, was auf den Bildern eindeutig zu sehen ist.

**Neue Tänzer/innen sind willkommen**, müssen sich aber vorher anmelden! Die Teilnehmerzahlen sind je nach sanitären Regeln limitiert.

*Barbara Wiesen / Tanzleiterin Club Senior Nordstad  
Kontakt: 26 81 37 43*



# GAART AN HEEM GILSDREF FIR D'STÈMM VUN DER STROOSS

Dat ganz Joer iwver hunn eis Dammen vum Gaart an Heem Gilsdrëf gestréckt a mir konnten nach virun de Feierdeeg hir Aarbechten (30 Decken, Mutzen, Schalen a Strëmp) un d'„Stëmm vun der Stroosss“ iwwerginn.

Stellvertriedent fir déi Dammen, déi gestréckt oder Woll gestëft hunn, wëlle mir dem Eugenie Michels, dem Elsi Infalt, dem Marianne Schwininger, dem Mirka DiMola an dem Eliane Salvestrin, an all deen aneren vun heiaus villmools Merci soen fir hieren Don an hier Aarbecht.

Am Joer 2022 - och wann de Corona-Virus eis Treffen schwéier mecht - wëlle mir mat dëse sozialen Aarbechten virufueren.

*Mir soën elo schonn Merci fir all weider Ënnerstëtzung am Dëngscht vun eise Matbierger.*



# AN ERËNNERUNG UN DE CLAUDE RISCH

Liliane Schuler, Eliane Salvestrin an déi ganz Sektoun vu Gaart an Heem Gilsdref



Nodeem eis eisen deemolege President Camille Ries fir ëmmer verlooss hat - hien hat d'Lutte géint seng onbaarmhärzeg Krankheet verluer - huet eisen deemolege Member vum Kommittee Claude Risch net gezéckt fir de Posten als President ze iwwerhuelen, an eis Sektoun ze leeden.

Mee och op hien koum dann en ähnlecht Schicksal duer. Och hien ass krank ginn an huet mat all senger Kraaft géint seng Krankeet gekämpft, awer och ëmsoss.

Mir wëllen him heimat nach eemol villmols Merci soen, fir all déi Aarbecht, déi hien fir eis Memberen, mee awer och fir d'Awunner vun eiser Gemeng gemach huet. Et war fir eis eng grouss Eier fir mat esou enger léiwer a jovialer Persoun zesummen ze schaffen. Hien war eis e ganz gudde Frënd a mir vermessen hien elo schonn.

Heimat wëlle mir awer och dem Romy Merci soen. Och hat huet eis ëmmer tatkräftereg bei all eisen Aktivitéiten ennerstëtzt.

*Merci Claude - Merci Romy - a Merci äre Kanner!*



# HSV SAUERDALL

Sylvie Bertemes



De 26. September 2021 war den HSV Sauerdall op der Coupe de Luxembourg zu Wolz vertrueden.

D'Valérie Gindt an d'Carole Winandy sinn an der Kategorie „Small“ mat hire Sheltie Kiwi an India op déi 2. Plaz komm.



An der Kategorie „Small“ sinn d'Carole Winandy mam Sheltie India, d'Annick Jado mam Chihuahua Happy an d'Diana Prott mam Puddel Cleo an der Mannschaft Landesmeeschter 2021 ginn.



# QUIZOWEND VUM INDIACA BETTENDUERF




De 27.11. hat den Indiacabettenduerf op säin éischte grouse Quizowend invitéiert. Nodeems mëttes den éischten Tour vum Mixtechampionnat an der Sportshal gespillt ginn ass, hunn sech géint 19.00 Auer di éischt Ekippen an der Buvette getraff fir sech bei enger gudder Hameschmier oder engem Kéisteller op de Quiz anzestëmmen.

Eng siwwenzéng Ekipp mat bis zu sechs Persounen hatten de Wee op Bettenduerf fonnt fir hiert Wëssen an zwielef verschiddene Kategorien ënner Beweis ze stellen.

Am ganzen hu missen 255 Froen ënner anerem zu den Theme Geografie, Geschicht, Boulevard, Sport a Fräizäit, Iessen an Drénken, Politik a Gesellschaft, Wëssenschaft an Technik, Konscht a Literatur beäntwert ginn. Wien an der Lescht gutt bei den Norichten opgepasst hat konnt och beim Thema Aktualitéit punkten.

Ze gewannen guff et flott Saachpräisser an fir di éischte Plaz de Wandpokal „Der Stein der Weisen“. Dësen gung no engem spannenden Dräikampf schlussendlech un d'Ekipp vum „Kulturtrupp“ mat 184 Punkte virun der Ekipp „Ekippenumm?“ mat 173 Punkten an der Ekipp „Schwips-Elteren“ mat 164 Punkten.



# POMPJEES-MUSIK BETTENDUERF

Tom Poecker

De Corona-Virus hält och eis als Veräin weiderhin am Grëff. Zënter Mee 2021 kënnen mir rëm an eisem Musikssall prouwen, nodeems mir Enn 2020 déi hallef Hal vun der Gemeng zur Verfügung gestallt krute fir ze prouwen. Well de Laf vun der Pandemie an d'Gesetzter stänneg ännere musse mir eis Veräinsaktivitéiten an och eis Fester a Concerten deementspriechend upassen.



## OFSCHLOSSGRILLEN

Den 31. Juli hu mir vun der Entspannung vun der Pandemie a vum Covid Check Régime profitéiert fir eis Memberen no laange Méint erëm eng Kéier beieneen ze gesinn.

Dës Feier hat nach een zweete Sënn, den Abschied vum Nic Kraemer an dem Fernand Weber. Si sinn um Enn vun hirer musikalescher Karriär ukomm an hunn ee laangen Dëngscht am a fir de Veräin hannert sech, als Pompjee a Musikant. Zesumme komme si zwee op 123 Joer Erfahrung am Veräin. Si hunn vill Verännerungen am Veräin matgemaach a vill Fester, Concerten, Übungen, Asätz, a Prouwen, souwéi och Kommandanten, Präsidenten an Dirigenten erlerft a matgemaach, kommen an goë gesinn.

De Nic ass zënter dem 31.12.1953 am Veräin aktiv. Bis 2020 souz hien mat sénger Trombone um Pult.

De Fernand gouf den 30.08.1966 an de Veräin opholl. De Fernand war och am Comité engagéiert wou hie vu 1981 bis 1987 Vice-Präsident, vu 1987 bis 1997 Caissier war an de Veräin vun 1999 bis 2004 als Präsident geleet huet.

Och wann si mat der Musik opgehalen hunn, war et hire Wonsch fir weiderhin Member am Veräin ze bleiwen an sinn do wann eng Hand gebraucht gëtt. Als Zeechen vun der Unerkennung an als Merci kruten den Nic an de Fern eng Corbeille iwwerreicht.

De Comité seet Iech zwee op dëser Plaz nach eng Kéier ee grouse Merci fir Ären Engagement.



## HÄMMELSMARSCH

Bal wéi gewinnt konnt d'Musik dëst Joer den Hämmelesmarsch goen, dëst ënnert dem Régime vum Covid Check.

## JOURNÉE COMMÉMORATIVE

Eis Fräiheet déi mir haut genéissen ass deenen ze verdanken déi am Zweete Weltkrich fir dës Fräiheet gekämpft hunn an hiert d'Liewe hu musse loossen. De 9. Oktober war d'Musik bei der Cérémonie vun der Journée Commémorative bei der Kierch zu Bettenduerf derbäi.

## CONCERT COLMAR-BIERG

De 17. Oktober hat d'Musik ee Concert-Apéro um Vizfest zu Colmar-Bierg gespillt. Dëst war eisen éischte Concert zënter Juli 2019.

## HAXEFEST DOHEEM

Wéi d'lescht Joer ass eist Haxefest ënnert senger gewinnter Form am Centre Culturel ausgefall a gouf de 24. Oktober a Form vun engem Drive In ënnert dem Motto „Haxefest Doheem“ organiséiert.

### ADVENTSFËNSTER

Op der Adventsfënster déi den 5. Dezember vun der Gemeng organiséiert gouf, hunn mir den Duerfleit Chrëschtlieder gespillt.

### CHRËSCHTDAG AM DUERF

Als Alternativ zu eisem traditionellen Chrëschtconcert sinn mir dëst Joer op 6 Plazen am Duerf Chrëschtlieder spille gaangen fir de Leit d'Adventszäit musikalesch ze verschëneren.

*Mir soen all deene Leit een häerzleche Merci déi eis dat ganz Joer iwwer ënnerstëtzt hunn.*



### IN MEMORIAM

Ass d'Covid-19-Pandemie net scho schlëmm genuch fir eis als Veräin, esou hunn eis am verflossene Joer 2 Musikanten en eise fréieren Dirigent fir ëmmer verlooss.



**Albert „Ber“ Schmitz**  
03.07.1946 – 27.06.2020

De Ber war zënter 1963 am Veräin als Pompjee a Musikant aktiv. An der Musik huet hien am Ufank Trombone a spéider Euphonium gespillt.

Hien war vu 1989 bis 1997 an vu 1999 bis 2004 am Comité. Hei war hien vun 1990 bis 1997 Präsident an vu 1989 bis 1990 a vu 1999 bis 2004 Vice-Präsident.



**René „Ren“ Muller**  
25.06.1935 – 21.08.2020

De Ren ass 1952 an de Veräin komm wou hien als Pompjee a Musikant aktiv war. Am Ufank huet hien Cor gespillt an ass spéider op den Cor-Alto gewiesselt.

De Ren war vun 1967 bis 1972 am Comité an war vun 1990 bis 1997 Kassenrevisor.



**Marc Schiltz**  
28.03.1958 – 01.07.2021

De Marc war Dirigent vun 1989 bis 1998.

Ënnert him gouf dat haitegt Konzept vun eisem Galaconcert agefouert.

**Mir halen de Ber, Ren a Marc a beschter Erënnerung.**

# TURNVERÄIN LA VILLAGEOISE BETTENDORF

## EEN TRADITIONUNSVÉRÄIN MAT ZUKUNFT?



Den Turnveräin „La Villageoise Bettendorf“ ass een Traditiounsveräin, dee mëttlerweil schonn seit 85 Joer besteet an duerch seng sportlech a gesellschaftlech Aktivitéiten net méi aus dem Duerfliewen ewegzedenken ass. Generatiounen vu Kanner aus der Bettenduerfer Gemeng an doriwwer eraus hunn hir éischt Kontakter mam organiséierte Sport a mam Veräinsliewen bei eis am Turnveräin gehat an dobäi d'Freed un der Bewegung fir sech entdeckt. Domatter dréit eise Veräin schonn eng laang Zäit een immens wichtegen Deel zur motorescher a sozialer Entwécklung an zur Gesondheet vun de Kanner bäi. Awer net nëmme fir d'Kanner goufen a ginn Trainingen bei eis ugebueden. Och der Demande vun de Jugendlechen an Erwuessenen hu mir ëmmer versicht sou gutt wéi méiglech gerecht ze ginn an deemno iwwert d'Joerzénge och permanent verschidden flott sportlech Aktivitéiten fir si ze plangen an ze organiséieren.

Momentan besteet eise Veräin aus am Ganzen 85 Memberen, déi an eise 4 aktuelle Sektionen aktiv sinn. Do hu mir engersäits natierlech eis ganz beléifte Sektion vum Kannerturnen, déi an 3 verschidden Altersgruppen ënnerdeelt ass. Samsdes

vu moies 9 Auer un bis an de fréien Nomëtteg trainéieren eis jonk Turner\*innen zu Bettenduerf an der Sportshal ganz fläisseg ënnert der Leedung vun der Trainerin Oksana Lehmann mat der Ënnerstëtzung vum Anastasia a Robert. Eise Yogacours mam Claire Sarat steet mëttwochs vun 18:30 bis 20:00 Auer zu Bettenduerf an der Hal um Programm. De Réckentraining ënnert der Leedung vun der Kiné Chantal Weiler-Mainz ass all Woch donneschdes owes vun 19:00 bis 20:00 Auer zu Gilsdref an der Hal. Freides owes vun 19:00 bis 20:30 Auer trainéiert eise Fitnessgrupp mat der Trainerin Larissa Blasen och zu Gilsdref. Wéi bei all Veräin huet och beim Turnveräin de Comité an d'Trainer\*innen hiert Bescht gemaach fir trotz de verschiddene Restriktiounen an heiansdo kuerzfristegen Ännerungen während der Pandemie d'Trainingsaktivitéiten sou gutt wéi méiglech oprecht ze erhalen an ze adaptéieren, wat effektiv net ëmmer sou einfach war.

Fir och an Zukunft nach weiderhin Turntrainingen an aner flott Aktivitéiten wéi zum Beispill den traditionelle Kannerfuesbal hei an der Gemeng ubidden ze kënnen, ass den Turnveräin ganz dringend op d'Mataarbécht vun neien engagéierte Leit

am Comité ugewisen. Den aktuelle Comité huet een Duerchschnëttsalter vun ongeféier 65 Joer an d'Majoritéit vun de Comitésmemberen si schon méi wéi zwee oder souguer dräi Joerzénge mat dobäi. Op eiser Generalversammlung, déi den 28. März 2022 um 20 Auer an der Buvette vum Centre culturel zu Bettenduerf stattfënnt, sollen elo d'Weichen fir eng hoffentlech nach laang an erfollegräich Zukunft vum Veräin nei gestallt ginn. Eng Rei vun de verdingschtvolle Comitésmemberen hunn decidéiert fir dëst Joer opzehalen an neie Leit Plaz ze maachen. Mat enger Erneuerung a Verjéngerung vum Comité duerch motivéiert Leit mat innovativen Iddien a Freed um Organiséieren soll een neie Wand an de Veräin erakommen fir dass d'Fortbestoen vum Veräin fir déi nächste Joeren ka garantéiert bleiwen. Wa keng nei Kandidaturen fir de Comité agereecht ginn, gesäit sech de Veräin leider gezwongen fir opzehalen, wat natierlech extrem schued wier.

**Ween deemno interesséiert ass fir aktiv am Comité matzeschaffen soll sech virun der Generalversammlung op der Telefonsnummer 691 808 208 bei der aktueller Präsidentin Marie-Paule Lion oder op der Mailadress [paul.lion@education.lu](mailto:paul.lion@education.lu) beim aktuelle Sekretär Paul Lion mellen.**

*Ee grouse Merci am Virus fir d'Ënnerstëtzung!*





Administration communale  
1, Rue Neuve | L-9353 Bettendorf | T: 28 12 54 | [www.bettendorf.lu](http://www.bettendorf.lu)

Heures d'ouverture  
Sur RDV par téléphone : 281 254 200  
LU: 8h00–11h30; 13h30–**18h00**  
MA, JE: 8h00–11h30; 13h30–16h00  
VE: **7h30**–11h30; 13h30–16h00  
ME: fermé